

Discours de Monsieur Claude Wiseler à l'occasion de son élection en tant que Président de la Chambre des Députés (21 novembre 2023)

Dir Dammen an dir Hären,

Ech hunn an deene 25 Joër wou ech ganz an der Politik si villederliert, mee ech soenlech, hei erop ze kommen an sech op dëse Stull ze setzen ass schonns eppes Aussergewöhnlech, wat mech net kal léisst, guer net.

Net well echlech hei alleguer vun hei richtig am Bleck hun, mee wéinst der Éier an der Charge déi dëse Stull bedeit.

Ech wëll ufänken mat e puer Mercien, déi fir mech absolut noutwenneg sinn.

1. Unlech alleguer heibannen, Merci fir ärt Vertrauen. Och fir d'Kollegen aus der Opposition, déi mech matgedroen hunn.

Et bedeit mer schonns eppes Ärt Vertrauen iwwert d'Majoritéit ewech ze hunn.

Et bedeit mer eppes. An dat heescht dat ech och fir d'Opposition do sinn.

2. Den 2te Merci ass un eise President-Doyen, de Michel Wolter. Hien huet déi kuerz Woche benotzt fir eng Reflexionsaarbecht mat der Administratioun iwwer

d'Chamber ze machen, déi eis an den nächste Méint ganz nützlich wäert sinn.

Hien huet déi Séance wou hien Präsident war, perfekt geleed.

Ech soen him e grouse Merci.

3. Och e grouse Merci un mäi Virgänger dem Fernand Etgen.

De Fernand huet an dëse leschte Joëre Villes hei an der Chamber errécht, ouni sech selwer virzedrécken an ouni vill ze téinen oder iwwert sech selwer ze schwätzen.

Hien huet et fäerdeg bruecht d'Chamber zu 100% operationnel ze haale während der COVID-Kris. Do wou vill anerer nervös gi wäeren, ass de Fernand Etgen während ville schwierige Momenter ëmmer calme a konzentréiert bliwwen.

Hien huet d'Chamber als Institutioun no baussen opgemaach a méi transparent gestalt.

Hien huet ganz Villes entstëppst an dowéinst d'Chamber an hirem institutionnelle Fonctionnement méi visibel a méi staark gemaach.

Ech wëll just d'Aféierung vun engem wëssenschaftlechen Déngscht nennen, oder och nach d'Digitalisatioun vun der Chamber, Ëmstellung vum Chambersblietchen, den Ausbau vun eiser Jugendarbecht fir nëmmen dëst ze nennen.

Hien huet d'Chamber ëmmer mat Dignitéit no bause vertrueden.

Dofir si mir him alleguer zu grousem Dank verpflichtet.

Merci Fernie, fir all dat wats du an de leschte Joere fir d'Chamber gemaach hues.

4. Felicitatiounen un eis Regierung. Eng Regierung mat villen neie Gesiichter, wou verschidde vun hinnen och nach keng Erfahrung mat der Chamber hunn. Déi Erfahrung kritt dir noutgedronge ganz schnell. Wëllkomm heibannen lech alleguer. An ech wënsche mir eng gutt Zesummenaarbecht. Eng Zesummenaarbecht a géigesäitegem Respekt. Bonne Chance fir iech.

5. A schlussendlech och Felicitatiounen un lech alleguer gewielte Volleksvertrieder, an haaptsächlech un déi nei Kollegen, denen hiirt éischt Mandat et ass. Et sin der 17par Rapport zur leschter Legislaturperiod. Ech ka mech nach gutt erënneren un déi éischte Kéier wou ech an der Chamber war. Et ass, wéi soll ech et soen,...zumindest gewöhnungsbedürfteg.

Mee ech soen iech : Zäit fir sech anzeliwen ass kuerz a geschwë sidd dir och matten am Jumm. Wëllkomm an der Chamber.

Ech hunn an deene leschte 25 Joer wou ech Politik maache vill gesinn. Vill gro Hoer kritt, alt Nuechten net geschlof.

Ech ka mech u vill schéi Momenter an u vill schwiereger erënneren.

Mee eppes wollt ech haut an hei soen :

Ech regrettéiere keen eenzelne Moment dovun.

Ech hu während 25 Joer Politik gäre gemach.

An ech hoffen dat op dësem Stull, mat Iech, dat och esou weidergeet.

Ech hunn et gäre gemach, well ech mech als nätzlech gespuert hunn.

Politik maachen ass am Déngscht vun de Leit sinn.

D'Etymologie vum Wuert Deputéierten ass:

Deen deen op eng Missioun geschéckt ass, fir ze repréenteieren.

Mir sinn heihinner geschéckt gi fir d'Vollek ze repréenteieren, ze verrieden.

Fir am Numm vun de Leit ze schwätzen.

Eis Missioun ass : Fir aner Leit do ze sinn.

Fir eng Stëmm ze si fir déi déi eis heihinner geschéckt hunn

Fir mech verflucht dat. Et verflucht

zu – Asaz

zu – Exemplaritéit

zu – Humilitéit

Genee dat ass et awer wat mech, wat vill vun eis motivéiert.

An zwar dat Vertrauen wat aaner Leit an eis hunn.

Leit déi eis wielen, well si eis vertrauen.

An dësem Kontext eng kleng Geschicht :

Et muss an engem Walkampf gewiescht sinn, um Stater Maart kouw en eelere Mann bei mech an huet mir erklärt wellech Schwieregkeeten en alles hätt a wéi schlecht et em géing goen.

Ech hunn en dunn iergendwéi gefrot, wéi en da géing mengen dat ech him kéint hëllef, wat ech kéint fir e maachen, a séng Äntwert war :

« Ech wees et net, mee ech vertrauen lech dat der dat richtegt maacht ».

An dunn ass e weidergaangen. An ech stoung do....

Ech géing de Mann warscheinlech haut net méi erëmerkennen, mee seng Wieder, säi Saz ass bei mir hänkebliwwen.

An ech soen lech : Et ass wéinst dësem Vertraue wou vill vun eis an der Politik gedriwwen sinn.

Léif Kollege vun der Regierungsbänk,

Ech erlabe mer hei, well dir dat haut an hei net kennt contesteieren, och op d'Etymologie vum Wuert Minister hinzeweisen.

Minister kënn vum Latäin Minister dat heescht deen deen hëlleft, deen deen déngt, deen deen just exécutéiert..

Ech wëll elo aus er Etymologie eraus keng Diskussioun mat der Regierung déclenchéieren iwver den Equiliber vum Pouvoir an der Primautéit vun der Chamber.

Do ginn et nach aner Argumenter wéi just déi semantesch.

Ech wollt just meng Kontributioun zur noutwendeger Humilitéit vum Exécutif bäidroen.

An awer fundamental drop hiweisen dat an der Demokratie d'Muecht, de Pouvoir op d'Veutraue vun de Leit baséiert an och an den Déngscht vun de Leit muss gesat ginn.

Et ass dat wat eis vun Diktaturen ënnerscheid.

Dëst, an de Fait, dat de Pouvoir an enger Demokratie an der Zäit limitéiert ass, just uvertraut am Kader vun engem 5-järegen Zäitvertrag.

A wiesselnd tëschent de Parteien.

Deen deen haut an der Oppositioun ass ka muer an der Majoritéiet sinn, an ëmgedrëit.

E puer Gedanken zur Oppositioun.

Wëss der, ech hu scho vill Walkämpf matgemaach.

Der vill gewonnen, awer och der verluer.

Souguer där wou ech an der éischer Rei stoung.

Ech wees wéi een sech ka fillen.

An dat ass....komplizéiert, fir et mol esou auszedrücken.

An et deet wéi.

Mee et vergeet...mat der Zäit, ouni dat een et vergësst.

Ech wëll hei keng empathesch Ried iwver d'Wichtigkeet vun der Oppositioun an der Demokratie halen.

Dat wëssen a kenne mer. An dir sidd iech dësse bewosst.

Wëss der : Déi Zäit wéi déi Partei mat där ech an d'Wale gaange sinn, an d'Oppositioun komm ass.

Huet d'Press joerelaang gesot : Si sinn nach net an der Opposition ukomm.

Ech hunn dat ni richtig verstanen :

Ech wollt nämlech ni an der Opposition ukommen.

Ech wollt just während 10 Joër aus der Opposition erauskommen.

Dofir soen ech: Opposition ass heiansdo eng komplizéiert Roll, haaptsächlech wann een de Senn vum Staat huet .

Mee fir et kuerz an einfach ze soen : D'Demokratie an d' Chamber brauchen lech.

An ech wees dat et mäi Rôle ass fir är Rechter ze garantéieren.

An lech hei an dëser Chamber déi Plaaz ze ginn op déi der e Recht huet.

De Michel Wolter huet a senger Untrëttsried als Doyen schonns beschriwwe wéi d'Chamber iwwert d'Joëre geännert huet.

An hirer Aarbechts-Art-a-Weis.

An hirer Duerstellung no baussen.

An hirem Selbstverständnis...

Eng Chamber funktionnéiert aanescht wan just Print-Medien a Radio Berichterstattung maachen, wéi wann d'Sozial-Medien a Live-Iwwerdroungen déi ongefiltert Immediatéit vum Evenement onkommentéiert an onkomplizéiert präisginn.

Dorun musse mir eis upassen.

Méi schnell, méi transparent gin ëngersäits.

Mee awer net just e Kommunikatounsbetrib gin.

Eis Aarbecht geet em den Inhalt a läit sécherlech och am den Nuancen, an den Detailer, an der Technik.

Mir müssen den Inhalt meeschteren.

Duerfir musse mer a méngen Aan hei an der Chamber eng gemeinsam Diskussioun féieren iwwert :

- D'Organisatioun vun der Plénière, oder wei mer kennen dei richteg politics Debatten no baussen brengen;
- Iwwer d'Riedezäiten an d'Roll vun de Rapporteurs, dei sollen e Projet an d'aarbechten vun der Commissioun viirstellen, an de Spriecher, dén eng Politesch Meenung vun senger Fractioun soll ausdrecken;
- Iwwer d'Organisatioun vun der Aarbecht an de Commissiounen;
- Iwwer d'Publicitéit vun de Commissiounen, d.h. d'Méiglechkeet d'Commissiounssätzungen iwwer Live-Stream opzemaachen;
- Iwwer d'Art a Weis wéi mer d'Preparatioun vun Debaten iwwer grouss gesellschaftlech Projete machen;
- Iwwer de Suivi vu Motiounen a Resolutiounen, déi mer heibanne stëmmen an net ëmmer wësse wat dono geschitt, respektiv op eppes geschitt;

- Iwwer d'Evaluation vu Politiken, déi Evaluatiounen déi mir heibanne froen, awer och déi déi, e puer Joere no der Mise en place vun enger Politik, sech einfach opdrängen;
- Iwwer d'Art a Weis wéi mer mat der Gestoun an dem Suvi vun europäeschen Dossieren ëmginn. Dofir sin ech frou dat eng Sous-Commissioun iwert europäesch Dossiéen gegrënnt gin ass. En eischten Schrett;

Ech proposéieren hei eng gemeisam Diskussioun iwwer wéi mir un dës Sujeten eruginn.

Op Opposition oder Majoritéit : mir hunn alleguer Intérêt dat d'Chamber erëm méi an de Mëttelpunkt vum politësche Liewe réckelt.

Fir dat fäerdeg ze bréngen, ginn et awer 2 wichteg Prinzipien déi ech hei wëll ënnersträichen :

1. D'Chamber muss op no bause sinn :

Op fir Sozialpartner, fir Berufschamberen, fir ONG'en, fir Biergervertriedungen, fir d'Zivilgesellschaft.

D'Zivilgesellschaft huet haut grouss

Participatiounsméiglechkeeten duerch déi nei Verfaassung.

D'Chamber muss op sinn no bausen, a partizipativ Initiative begleeden.

Awer dat ëmmer am Bewosstsinn :

Dat déi representativ Demokratie eis heibannen d'Missioun ginn huet déi definitiv Decisioun ze huelen. Dat d'Legitimitéit beim Parlament läit an dat d'Responsabilitéit letztendlech déi gewielte Verrieder hunn.

2. Dat ass eist Selbstbewosstsinn.

D'Chamber ass den éischte Pouvoir.

De facto ass dat esou well d'Regierung vun enger Majoritéit an dësem Haus ofhänkt.

Mee deem muss een och gerecht ginn.

D'Chamber däerf weder den Enregistrementsbüro vun der Regierung hiren Projeten sinn, nach d'Wardezëmmer fir an d'Regierung ze kommen.

D'Chamber huet eng institutionnell zentral Aufgab.

An d'Chamber huet all institutionnell Méiglechkeeten hirer Roll vu Gesetzer maachen, Regierung kontrolléieren, Politik evoluéieren, effikass ze erleedegen.

Mir sinn no der Verfaassungsrevisioun déi stäerkste Chamber déi eist Land jee hat. Dei dei am méeschten Moyenen huet:

- Der Chamber hirt Recht op Informatioun vun der Regierung ass substantiel gestärkt ginn.
- Eng Enquêtekommissioun ka vun 20 Deputéierte verlaangt ginn
- Mir hunn elo e Vertrauensvote an och Mëssvertrauensvote

- Virgezunne Wale kënnen dann organiséiert ginn wann d'Chamber e Mëssvertrauensvoté ugeholl huet oder e Vertrauensvoté refuseiert huet
- Mir kënnen, nach wie vor, all Gesetzer esou amendéieren wéi mer et fir richtig ëmfannen
- A mir sollen dës Moyenen och benotzen, dann wann et noutwendeg ass.

Weder Enregistrementsbüro nach Wardezëmmer.

Mee an den Zentrum vun der politëscher Diskussioun zu Lëtzebuerg.

Elo kann ee ménger Meenung, dofir esou vill Reglementer ännere wéi ee wëllt, esou vill Prozeduren erneiere wéi engem afaalen.

Alles dat hëlleft awer näischt.

Dat wat schlussendlech zielt dat ass d'Qualitéit vun der Aarbecht déi hei gemaach gëtt.

An d'Qualitéit vun der Aarbecht hänkt schlussendlech vun Asaz vun den Deputéierten of.

- Vum Asaz, vun eisem Asaz
- Vun der Presenz heibannen
 - Vun der Presenz an de Kommissiounen
 - Vun der Presenz an den internationale Gremien wou mer d'Chamber verrieden
- Vun eiser Kompetenz, eisem Wëssen an eiser Aarbëcht op den Dossieren op deene mer schaffen.

Eisen Asaz, eis Präsenz, eis Aarbecht

Dorop kënt et un, wa mer déi zentral Plaaz an der
lëtzebuerger Politik wëlle behalen, déi eis zousteet.

De Rescht ass just nätzlech Dekoratioun ronderëm.

**Dofir sinn ech der Meenung dat « Deputéierten » keen
Hallefdaags-Job ass.**

Deputéiert si verlaangt Asaz an Aarbecht.

**Dofir plädéieren ech dat mir gemeinsam de Statut vum
Deputéierten iwwerschaffen.**

Dei Leit déi mir hei vertrieden.

Di eis, esou wéi mir hei alleguer sëtzen, hirt Vertraue
geschenkt hunn, verdéngen dat mir vollen Asaz gi fir si
hei wierdeg ze vertrieden.

Dat si mir alleguer hinne schëlleg.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

An ech freeë mech richteg drop an den nächste Joeren
Iech alleguer, souwäit dat méiglech ass dobaussen ze
vertrieden.

Merci